

5. 4939 - Proposition de révision de l'article 68 de la Constitution

D'Chamber huet eng éischte Kéier de 16. Februar dëst Joer doriwwer ofgestëmmt. Bei dësem Vote ass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt. Ech denken, dass mer direkt kënnen zur Ofstëmmung kommen.

Second vote constitutionnel

Den Ännerungsvorschlag, fir den Artikel 68 vun der Verfassung ze änneren, ass mat 50 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner,

Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, M. Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira,

Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dee Punkt ass domat ofgeschloss.

Da komme mer zum Artikel 69 vun der Verfassung.

6. 4285 - Proposition de révision de l'article 69 de la Constitution

Och dëse Punkt huet d'Chamber eng éischte Kéier de 16. Februar ofgestëmmt. Den Text steet am Document parlementaire 4285⁴. Et gëtt no deeneselwechte Modalitéiten ofgestëmmt wéi bei deem Projet vu virdrun.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision fir den Artikel 69 vun eiser Verfassung ass mat 50 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, M. Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos

Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.30 heures)

Ordre du jour

- 5575 - Proposition de loi portant modification de
 - l'article 51 (7) de la Constitution
 - la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national
 - la loi électorale du 18 février 2003(Déclaration de recevabilité)
- 5547 - Débat de consultation sur la mise en œuvre de l'IVL (Integratives Verkehrs- und Landesplanungskonzept)(Exposé du Ministre - Débat - Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. 5575 - Proposition de loi portant modification de

1) l'article 51 (7) de la Constitution

2) la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

3) la loi électorale du 18 février 2003

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vun haut de Moien huet d'Präsidentekonferenz virgeschloen d'Proposition de loi vun der Madame Lydie Err an dem Här Ben Fayot iwwert d'Wahlrecht vun den Auslänner fir recevabel ze erklären.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Consultatiounsdebatt iwwert den IVL. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Calmes, den Här Bodry an den Här Gira. D'Wuert huet elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf. Här Innenminister.

2. 5547 - Débat de consultation sur la mise en oeuvre de l'IVL (Integratives Verkehrs- und Landesplanungskonzept)

Exposé du Ministre

M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass eng Première. Et ass déi éischt Deklaratioun vum zoustänneg Minister am Kader vun engem Débat de consultation iwwert d'Ëmsetze vum IVL. Virausgaange sinn als Virbereedung fënnf Réuniounen an och e Schlussbericht vun der zoustänneger Chamberskommissioun ënnert der Présidence vum Marco Schank. A mengen Ae misst ee vun elo un all Joer dësen Exercice widderhuelen.

Här President, d'interaktiivt Verkéiers- a Landesplanungskonzept, dat jo - an dat soll een op kee Fall vergiessen - um Programme directeur de l'Aménagement du Territoire fousst vum Joer 2003, ass nach ëmmer an all Mond. D'Entscheidung iwwert den Uni-Stand uert an och déi rezent Diskussiounen iwwer e moderne liichten Tram hunn dat bewisen.

Mä wat ass zënter senger Presentatioun viru ronn zwee Joer, ausser Landes- a Gemengewahlen an enger EU-Conseilsprésidence, geschitt? A wéi geet et weider?

Tatsaach ass, dass déi integrativ konzeptuell Iddi, nämlech dass Wunnen, Schaffen, Transport a Liewensqualitéit am Kader vun enger

schéiner a gesonder Ëmwelt eppes mateneen ze dinn hunn, e grouss Konsens fënnt. Et gëtt méi vernetzt geduecht a politesch méi horizontal diskutéiert a geschafft wéi virdrun.

Et muss een awer och feststellen, dass net alles wat als IVL-konform duergestallt gëtt, dat och ass. Beim Stat an an der Regierung ass, trotz ville Progrësen am interministerielle Mateneen, dee jo eng Conditio sine qua non fir d'Ëmsetze vum IVL ass, nach net alles perfekt. Vill gutt Koordinatiounsarbecht ass nach noutwendeg.

Mä et gouf e groussen Effort gemaach a puncto integratiivt Virgoen. Mir bewegen eis och - an däers muss ee sech ëmmer bewosst sinn - hei op Neiland, an dat Ganzt sécherlech ass mat engem Méi un Aarbecht verbonnen. Mir riskéieren also, all déi Ministèreen, all déi Leit, déi concernéiert sinn, u strukturell Grenzen ze treffen. Dat gëllt och besonnesch fir de Landesplanungsministère.

Et ass awer wichteg sech de Méiwäert, dee sech aus dem Ëmsetze vum IVL ergëtt, virun Aen ze halen.

Nëmme mam IVL wäerte mer amstand sinn dem Wuesstem vun eisem Land nohalte ze begéinen. Dat heescht notamment, méi dicht bebauen, méi virsiichteg Flächeversigelung, well laut OBS-Vergläicher vum Ëmweltministère sinn an de Joren 1990 bis 1999 7.760 ha Land bebaut a verbraucht ginn. Dat maachen 862 ha pro Joer oder och ronn fënnf Fussballsterraine pro Dag.

Wann et esou weidergeet, da wäerte mer zum Beispill bis an d'Joer 2020 12.000 ha weider Land verbrauchen, a wann een dat dann op 1990 zrëckkuckt, géif dat enger Verdueblung vun de bebaute Flächen entsprechen.

Mir kënnen op kee Fall esou weiderfuere, well hautdësdays leie mer zum Beispill nëmme bei enger landeswäit duerchschnëttlecher Wunnengsdicht vu knapp 14 Wunnenge pro Hektar. Just an den Hauptballungszentre vum Süden an och ronderëm d'Stad, do erreeche mer déi wichteg Lat fir den öffentlichen Transport vu 25 Wunnenge pro Hektar.

Den demographesche Wuesstem ass proportionell vill méi staark

ausserhalb wéi innerhalb vun dësen Zentren. Dat war déi lescht 30 Joer esou, an dat ass haut och nach ëmmer de Fall. Ech kann lech do och e puer Beispiller gi vun esou Steigerungsraten zwëschen 1991 an 2001. Stied wéi Lëtzebuerg, Hesper, Walfer, Esch, Suessem, Péiteng, Dikrech an Ettelbréck, sinn alleguerte manner wéi 15% gewuess. Uertschafte wéi Biermereng, Tënten, Esch-Sauer oder och Eschweiler, si méi wéi 45% gewuess.

An därselwechter Zäit ass et och zu enger méi grousser Konzentratioun vun den Aarbechtsplazen an a ronderëm d'Stad komm. Doweinst koum et jo zu enger Explosioun vun den automobile Verkéiersstréim, déi duerch d'Zuel vun de Frontalieren nëmmen nach verstärkt gouf. Et gouf also hei keng Gesamtstrategie.

Wa mir awer wëssen, dass mir all Joer op d'mannst musse 4% wirtschaftlech wuessen, fir eis Soziala Rentesystemer ze halen. Wa mer wëssen, dass mer genuch Statsretté mussen hunn, fir eis héich Ausgabe vum Stat ze decken an och munchmol musse strukturell Kurskorrekturen no ënne maachen. Wa mer wëssen, dass 100.000 nei Aarbechtsplaze bis an d'Joer 2020 geschafte musse ginn, dat heescht jee no Awunner oder Pendlerzeenarion 60.000 bis 110.000 Awunner méi an eisem Land.

Wa mer wëssen, dass mer elo schonn e Plus hu vun 20.000 Frontaliere par rapport zum Pendlerzeenarion aus dem IVL vum Joer 2002 - mer hunn also an dräi Joer 2,5 Joer Virsprong op den Zeenarion vum Joer 2002. A wa mer och nach wëssen, dass dëse Pendlerzeenarion längerfristeg dee manner gudden an nohaltegen Entwécklungswee ass, dann ass et ganz kloer: Mir brauchen eng Strategie, an déi Strategie, déi kann nëmmen IVL heeschen. An ech soe ganz kloer: Ouni IVL ass d'Liewensqualitéit hei am Land an den zéng, 15 Joer, déi elo nach kommen, net méi garantéiert.

Et mag och sinn, dass aus enger reng sektorieller Perspektiv, wann een zum Beispill den Transport nëmmen eleng géif kucken, dass et do kéint ouni IVL goen. Et géif esouguer vläicht méi einfach a méi séier goen, mä et géif awer bestëmmt op Käschte goe vun anere Secteuren.

An esou engem Gesamtbilan wäre kaum Synergie-Plus-valuen ze maachen. An dofir soen ech ganz kloer: Och wann den IVL-Ëmset-

zungswee keen einfachen ass, och ugefaangen an de Käpp vun de Leit, esou ass en awer deen, deen am Endeffekt eiser Stadentwécklung an eiser selwer am meeschte bréngt.

Natierlech geet et mat dësem progressiven, integrative Mentalitéitswiessel net duer, och wann dëst vernetzt a raimlecht Denken eng extrem wichteg Viraussetzung duerstellt. Mir mussen ëmmer erëm, a jee nom spezifesch Schwéierpunkt, d'IVL-Prinzipien a konzeptuell Iwwerleeungen erklären, diskutéieren an héichhalen. An dat maache mer jo och. Dat geschitt jo och.

Dëst geschitt fir d'alleréischt emol an deene véier sou genanntene primäre Plan-sectoriellen, déi nieft de regionale Pläng, an de Projetpiloten, ee vun de wichtigsten Ëmsetzungsschrëtt vum IVL duerstelen.

A grad elo, a méi schwierigen Zäiten, wou groussen Handlungsdrock besteet, souwuel am Wunnengsbau, wéi a Saache wirtschaftlech Entwécklung, an domadder verbonnenen Terrainen an Aktivitéitszonen, am Beräich vun der Mobilitéit, ouni déi jo bekanntlech näischt geet, an natierlech och am Beräich vum Landschaftschutz, ass et wichteg net just kuerzfristig ze denken, mä och der längerfristeger Entwécklung am Kader vun der Landesplanung mat hirer nohalteger, integrativer Approche, eng grouss Bedeutung zoukommen ze loosse. D'Landesplanung kann nämlech hëllefen, déi richtig Prioritéiten ze setzen, an esou kënnen vill Suen iwwert d'Zäitschinn gespuert ginn.

Ech kommen elo zum éischte vun deene véier wichtige sektorielle Pläng, an zwar zum Plan sectoriel „Transports“, dee schonns an der leschter Legislatur ugefaange gouf. An ech mengen, wann alles normal geet, wann et gutt virugeet, dass mer bis 2007 kënnen e fäerdege Projet de plan kréien, an deen dann, wann och duerno alles normal leeft, nach an dëser Legislatur a Kraaft triede kann. Duerch dëse Plang gi jo notamment Korridore reservéiert, déi laut IVL2 Verkéierszeenarionen zrëckbehalen, wichteg Verkéiersprojeten am Schinnen- a Stroossebau.

Wann e Projet vun enger neier Strooss oder enger neier Eisebunn am Plan sectoriel dran ass, dann heescht dat awer net automatesch, dass si och gebaut gi kann. All Projet muss weiderhin duerch déi national an europäesch definéiert Ge-